Samschdes, den 31. Juli 2010

MMX-trablat N°10

Offiziell Campzeitung vum Nationalen AvEx Summercamp 21.-31. Juli 2010 zu Stengefort

Oofschlossveillée

Stëmmung pur, anescht kann een net soen. Schon vum éischte Moment un waren déi dräi Vëlker am Jumm an hunn d'Camplidd matgesongen, matgegrölt. Wéi de Kinnek Romain dunn déi 10 Deeg Revue passéiere gelooss huet an eng Fotomontage déi beschte Momenter festgehalen huet, war d'Stëmmung um Héichpunkt. Eng Iwwerraschung huet déi nächst gejot. De Gewënner vun der Challenge ass mat grousser Spannung erwaard ginn: den Souscamp KuNekka huet gewonn. Bravo!

De Fressi ass nees opgetaucht, mä leider war hien ëmmer nach verhext. Keen vum ganze Romain sengem Hoftstaat konnt dem Jang dem Verkueltenen, déi eenzeg Hoffnung fir de Fressi zeréck ze verwandelen, hëllefen. Nëmmen di geballte Wëllenskraaft vun den 3 Vëlker hunn den Jang den Gesengtenen an d' Liewen zeréck geruff an deen huet dunn endgülteg de Fressi erëm entzaubert.

Des Hürd geholl, konnt de Kinnek Romain rouege Gewëssens den Camp zoumaachen an eng länger Rees um Fressi sengem Réck untrieden.

Bis a 4 Joer dann um nächsten Camp!

Shortcuts

Oofschlossveillée Säit 1

PR Ekipp Säit 2

Friddenszelt & Verspriechen Klierf Säit 3

Bilan Campchef EPO Atelier & Spill Säit 4

Sofolk Challenge & KuNekka Rittertournéier Säit 5

KuNekka Chantier Säit 6

Wousst der schon, News, Historik, Medicus Säit 7

Witz-Eck, Wieder, Rätsel, Su-doku Säit 8

MMX-trablat N°10

Offiziell Campzeitung vum Nationalen AvEx Summercamp 21.-31. Juli 2010 zu Stengefort

PR Ekipp

Johnny, ween ass an denger Ekipp?
Hei hu mir ons Dame, d'Christiane, 1,5 PR-Chef adjointe. Dann hu mer de Georges B., eisen Internetfuzzi, de King-Kong, eis B.A. aus der FNEL, de Bubi, eise Last-Minute-Mataarbechter a mech. An dann hu mer nach de Luss (Red.: oder och net).

Johnny, wéi koums du zum Poste vum PR-Chef?
Am Februar sinn ech gefrot gi fir an d'PR-Ekipp ze kommen, zu engem spéideren Zäitpunkt hunn ech dunn de Poste vum Chef iwwerholl.

Christiane, war et flott mam Johnny am PR-Team ze schaffen?
Waat as data eng sch… Fro, e setzt jo niewendrun.

Christiane, als eenzeg Dame am Team, wat ass genau deng Charge?
Nei Regelen op ze stellen. Esou laang ech am Container war huet net dierfe geräpst a gefascht ginn. Niewebäi hunn ech awer e sëllechen Artikel geschriwwen an um Layout Millimeteraarbecht gefuerdert.

Johnny, has du deng Ekipp gutt am Grëff ?
Am Fong mengen ech schon, mir hu gutt zesumme geschafft, all Zeitung koum mat Zäiten eraus. Mir hunn ons d'Aarbecht gutt opgedeelt a jiddereen huet säi Bäitrag geleescht (Red.: Mee wou war de Luss ?)

Ech soe Merci.
Kinnek

D'PR-Equipe set dem Bruno aus der Raviséquipe een grusse Märssi fir seng Verbässerunge vu aisen Täxta. Dursch heen hunn mir alegurte geleiert letzebuerschesch ze schreifen. Unni heen wire al eis Täxta su onleeserlesch wei den heitten.

MMX-trablat N°10

Offiziell Campzeitung vum Nationalen AvEx Summercamp 21.-31. Juli 2010 zu Stengefort

Friddenszelt Werner

Interview mam Jean-Pascal Diame

Quelle était votre première impression du Projet « Friddenszelt » ?
Je pense que j'ai découvert dans cette tente de paix un esprit d 'ouverture aux autres religions, le désir de connaitre comment ont vécu les gens du moyen-âge pour mieux apprécier ce que la vie d'aujourd'hui nous offre et nous propose comme valeur : l'amitié et le partage d'expérience.

En quoi voyez-vous le rôle du scoutisme pour la paix mondiale ?
Il faut d'abord voir le Scoutisme comme un mouvement de jeunes ; et les jeunes sont l'avenir, la richesse de toute société. Martin Luther King disait, « Le monde est en train de changer et quiconque croit qu'il peut vivre seul sans les autres rêve debout. Nous devons apprendre a vivre ensemble comme des frères et sœurs ou périr comme des stupides ». Le Scoutisme propose des activités pour développer la fraternité universelle, la paix interreligieuse et interculturelle, la solidarité internationale à travers les projets de développement communautaires en faveur des communautés déshéritées et pauvres, la promotion de l'égalité entre les femmes et les hommes, de la dignité humaine et des droits de l'homme…

Verschidden Atelierë ronderëm d'Friddenszelt :

- D'Ungarn am Sträit mat de Ritter: **ungaresche Gulasch**
- Den hellegen Ambrosius als de Patroun vun den Imker. D'Beliichtung vun den Heiser an de Kierchen am Mëttelalter: **Käerzenatelier**
- D'Brout mat senger grousser Symbolik an alle Reliounen: Broutatelier (Fladenbrout aus dem Islam, Stockbrot wéi bei den Indianer, Flammkuche, wéi déi aarm Leit es am Mëttelalter giess hunn, Brout um Wok am Feier) : de **Broutatelier.**

Verspriechen bei de Klierfer

E Mëttwoch den Owend hunn di Klierfer Scouten, vum Souscamp KuNekka, hirt AvEx Verspriechen gemeet. Fir dëst Evenement ass hiren Aumônier, de Frère Henri, erof komm . D'Avex sinn Owes fort getrëppelt an op verschidde Statiounen, krute si en Deel aus dem Scoutsgesetz virgelies.Do sollten si sech hier eege Gedanken doriwwer maachen a roueg op di nächst Statioun trëppelen. De Frère Henri huet d'Verspriechen a Form vun enger Mass gemeet, fir et méi spirituell ze gestalten. Während deems hu verschidde Gruppen vun de Klierfer e Sketch gespillt, wat ee vun de Scoutsgesetzer sollt rem ginn. Noodems jiddereen déif a sech gaangen ass, konnte 15 Avex hiert Verspriechen ofginn. Lo kënnen si endlech hiert Wëllefchersverspriechen vun hirer Uniform erofhuelen an d'AvExverspriechen amplaz bitzen.

MMX-trablat N°10

Offiziell Campzeitung vum Nationalen AvEx Summercamp 21.-31. Juli 2010 zu Stengefort

Bilan Campchef

Alles an allem, kann ech als “Kinnek” nëmme ganz zefridde sinn vum Adventum.

Dat wat mir, den Topstaff, ons virgestallt hate bei der Organisatioun vum Camp, konnte mer bal zu 100% duerchsetzen. All d’Ekippen hu perfekt zesumme geschafft, an dat ass a mengen Aën den Erfolleg vun dësem Camp. D’Stëmmung am Staff war während dem Camp einfach ëmmer immens.

Esou hu mer et fäerdeg bruecht den AvEx e Maximum ze bidden: eng komplett a propper Infrastruktur, een ofwiesslungsräiche Programm an, an, an, …

Kloer ass natierlech, dass dëse Camp nëmmen esou war ewéi e finalement war, wéinst iech, AvEx. Och bei iech war trotz miserabelem Wieder, d’Ambiance ëmmer positiv. Egal zu wéi engem Moment ech een AvEx gefrot hunn wéi et ëm giff gefalen, war d’Äntwert ëmmer “super”.

AvEx, Chef, Staff, iech all ee risege Merci !

A bis a véier Joer, wann et 2014 hoffentlech nees heescht, “d’AvExtruppen aus dem ganze Land, treffen sech nees op hirem nationalen AvExcamp”.

Kommt gutt Heem, rascht gutt, a bis geschwënn,

Äre Kinnek a Campchef,
De Romain

Souscamp EPO

Atelier a Spill

Haut ass et bei de Ritter zougaangen, wéi an engem Beienascht. Iwwerall ass geschafft ginn. Schëlter si gebaut ginn, Seeler si gesplass ginn, d’Schmatten hunn hiert Eise geformt an d‘Ritter hunn den Asaz um Terrain geübt. Ongenannte Quellen hunn der Redaktioun gesot, dass et Muer lass geet. All eis Ritter raumen hiert Lager an briechen op fir nei Abenteuer an den nächsten Wochen an der Vakanz ze erliewen. Vill Spaass derbäi.

MMX-trablat N°10

Offiziell Campzeitung vum Nationalen AvEx Summercamp 21.-31. Juli 2010 zu Stengefort

Souscamp Sofolk

Challange

Gëschter haten d'Wikinger vu Søfolk och um Challenge hiert d'Bescht ginn fir dës Kompetitioun ze gewannen. Op Huckepack mat der Lanz Réng fëschen, Waassertransport mat engem futtissen Eemer, d'Scheiwe vum Bamstamm ofseeën, dem Loftballon de Baart man oder enger Këssesch luecht op de Bamstämm, vill Poste waren ze maachen an d'AvEx hunn iwwerall gerockt. Leider ass et zum Schluss awer net duergaang fir di éischt Plaz, well déi haten d'Mauren gewonn.

Souscamp Kunekka

Rittertournéier

Gëschter war et dunn nach un deem leschte Stamm, fir sech am Ritterturnéier ze beweisen. Bei beschtem Wieder hate si d'Chance esou richteg vun der Waasserrutsch ze profitéieren. Mee och am Draachelabyrinth, am Schwäertkampf, am blanne Puzzel, am Holzstelzegoen an am Nëssklappen hu si sech beschtens geschloen.

MMX-trablat N°10

Offiziell Campzeitung vum Nationalen AvEx Summercamp 21.-31. Juli 2010 zu Stengefort

Chantier

Nodeems sech de Prënz Hatschi an d'Prinzessin Bahia schlussendlech d'Nee-Wuert ginn haten, gouf bei Kunekka Téi bis an d'Nuecht gedronk. Nom laange feieren waren eis Mauerer awer nach pénktlech op de Been, fir mat Zäiten um Chantier ze sinn. D'Maurer hunn zwar keng handwierklech Viirgeschicht, mee si wollten awer den AvEx vun EPO a Søfolk weisen wat si alles an den Ärem hätten. No engem laangen, ustrengenden Mëtten goufen 3 Säck Zement, 24 Schëppe Sand, 7 Lackdëppecher, 11 Beemschuele verbraucht an 2 Tuten voll mat Offall opgeraf. Duerno stoung awer eng propper Grillplaz mat engem Grill an ee klenge Mémorial, bestoend aus ageschloë Bamstämm, wou d'Schëlder vun all Grupp, déi gehollef hunn, drop befestegt goufen.

Interview mam Tiziano

Wat hutt dir hei gemeet, Tiziano?
Hei hu mir ee Schëld bemolt an eis Grupp drop geschriwwen. Duerno hu mir Beem ofgeschielt an an de Buedem geklappt an eis Schëlder drop geschrauft.

Wéi huet et dir gefall?
't ass gaangen, ech hat et mir nëmmen e bëssen besser erwaart.

An wéi enger Hisiicht?
Ech hat geduecht, mir géifen hei méi grouss Konstruktioune bauen, soss war et awer wéi gesot flott.

Wat giffs du dann un dësem Programm änneren?
Ech giff méi hëllefräich Konstruktioune virschloen, wéi eng Bänk oder e Gelänner. Sou Konstruktiounen hätte mir och méi gesot.

MMX-trablat N°10

Offiziell Campzeitung vum Nationalen AvEx Summercamp 21.-31. Juli 2010 zu Stengefort

Wousst der schon

- 1 Milliard Sekonnen sinn 32 Joer
- Méi wie 87 Milliounen Mënschen an China heeschen „Li" mam Familljennumm (dat ass dann sou wie Müller oder Schmit).
- En Véirel vun der Weltpopulatioun lieft mat manner wie 250 Euro am Joer. 90 Milliounen Mënschen iwwerliewen mat manner wei 100 Euro am Joer.

News

- Eng traureg Noriicht vu Stengefort: den Adventum MMX, de beschte Camp zanter Mënschegedenken ass eriwwer.
- D'Bankgeheimnis zu Lëtzebuerg huet längerfristeg keng Zukunft méi, dorop muss sech d'Land astellen, sou den Ernst Wilhelm Contzen, President vun der ABBL.
- Proppert Waasser als Mënscherecht: D'UNO huet d'Propose ugeholl. Lëtzebuerg huet sech awer enthalen. D'Resolutioun ass net bindend, sou de Jean Asselborn.

De Medicus réit:

E puer Statistiken:

- Bis e Freideg den Owend 19h30 haat d'Hospiz 889 Passagen, dat sinn ongeféier 88,9 Passagen pro Dag. D'Hospiz war all Dag op vun moies 7h00 bis owes 23h00, dat sinn 16 Stonnen pro Dag, also am ganzen 160 Stonnen während dem Camp. Demno huet an der Moyenne all 10 Minutten en AvEx oder Chef bei eis ugeklappt.
- Am Computer vun der Infirmerie stinn 971 Nimm vun AvEx, Chefs, Staff a Crèche. Vun all deenen Leit sinn der 365 op d´mannst 1 Mol am Hospiz passéiert, dat sinn 38%, also méi wéi all drëtten.
- 12 Leit hunn missten am Infirmerie-Container gebitzt ginn, well si sech mat engem Beil, enger See, oder soss scharfem Geschier verletzt haaten. Fir dat alles zesummen ze flécken waren am genzen 45 Stëch néideg.

Op dëser Platz wëll den Medicus (David de Bluddegen) sénger Ekipp (Lynn, Véro, Nathalie, Lis, Carlo, Schuh a Mira) e ganz groussen Merci soen fir hiren permanenten Asatz an déi super Aarbecht déi si während dem Adventum geleescht hunn.

D'Photo vum Dag

Historik / Gebuertsdag

1498: Op senger drëtter Rees entdeckt den Christopher Columbus d'Insel Trinidad
1959: Eng Grupp baskesch Studenten grendt d'ETA, di mat terroristeschen Mëttelen d' Franco-Diktatur an Spanien well bekämpfen
1948: Den neien *New York International Airport* zu New York City gëtt offiziell age weit. No senger Ëmbenennung 1963 heescht en dann John F. Kennedy In ternational Airport
1969: D' Raumsonde *Mariner 6* fotographéiert den Mars beim Laanschtfleien (*wuel keen Navi benotzt?*) an scheckt d'Biller innerhalb vun wéinegen Minutten op d'Aerd.
2010: D'Carole Perotto, de Leo Emeringer, de Michel Ripp an de Daniel Biren hu Gebuertsdag.

MMX-trablat N°10

Offiziell Campzeitung vum Nationalen AvEx Summercamp 21.-31. Juli 2010 zu Stengefort

De Kapp am Rondel

Mir sichen nom Kapp am Rondel…

Ween ass dat leien ?
Bass du dat vläicht ?

Da komm bei eis an de PR-Container laanscht ….. Et gëtt eng kleng Iwwerraschung… ;-)

d'PR Ekipp

Wiederprevisioun vun haut

Ah, mäin Zaubertrank, deen ech gëscht gebraut hunn ass tipptopp ginn. Dat geléngt mer ëmmer nëmmen, wann et deen Dag drop gutt Wieder gëtt. Dofir gëtt et haut ee Mix aus Sonn a Wolleken (wéi se jo ëmmer um RTL soen) a richteg waarm mat bis zu 28 Grad. Wéi d'Nuecht gëtt, ass mir relativ egal, well da leien ech erëm doheem am Bett.

Rätsel



Sudoku

2	3				4
	1			2	
		3	2		
4		1	3		
	4			5	
1				3	6

Witz-Eck

D´Joffer freet an der Schoul firwat en op de Biller an der Regel ëmmer nëmmen d´Maria mam Kand gesäit a nët de Jousef. "Ma ganz einfach" äntwert de Pitti "well de Jousef geknippst huet !"

Um Findel héieren d´Passagéier ganz besuergt wéi de Pilot rifft : " Ech fléien eréischt mat der Këscht hei, wann d´Moteuren ausgewiesselt goufen !" Eng véierel Stonn méi spéit start de Fliger. "Wat ?" freet e vun de Passagéier eng Stewardess "sou séier sin déi Moteuren ausgewiesselt gin ?!" - "D´Moteure nët Monsieur, just de Pilot ..."